



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 16 SEP. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 4886 du 20 août 2021 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant les arrêts de bus adaptés aux personnes handicapées, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op
d'parlamentaresch Fro n°4886 vum 20. August 2021 vum honorablen Deputéierten Sven Clement
betreffend adaptéiert Busarrëten fir Leit mat enger Beanträchtegung**

1. Wéi vill Busarrëte ginn et zu Lëtzebuerg?

D'Haltestelle stinn allgemeng ënnert der Responsabilitéit vun den Gemengen. Dëst ass am Gesetz vum 5. Februar iwwer den ëffentlechen Transport verankert. De Staat ass responsabel fir d'Busgaren a fir d'Pôles d'échange.

D'Gemenge reglementéieren d' Haltestellen innerhalb vun enger Uertschaft (ca. 94%) an de Staat déi ausserhalb vun den Uertschaften.

Et ginn ca. 4.500 Haltestellen. Wann een d'Haltestellen vu béide Stroossesäiten zesummefaasst, da sinn dës op ongeféier 2.500 ënnerschiddlech Haltepunkte verdeelt.

2. Wéi vill Busarrëte goufe rollstullgerecht konzipéiert? Wéi vill Bushäisercher si rollstullgerecht konzipéiert?

17% vun den Haltestellen hunn ee sou genannten „Kasseler Bordstein“, déi de barrierefräien Zougang zum Transportmëttel erlaben.

13% vun den Haltestellen hunn eng einbaufrei Mindestfläch vun 1,50m x 1,50m laanscht d'Haltekant fir besser mam Rollstull ze rangéieren.

45% vun den Haltestellen hunn ee Bushaischen, wouvunner 82% ouni Träppléck konzipéiert sinn.

3. Wéi vill Busarrëten hei am Land verfügen iwwert ee Bodenleitsystem?

7% vun den Haltestellen verfügen iwwert eng „Leitstreife“ bzw. iwwert ee Leitsystem mat Buedemindikatoren parallel zum Bord, mat engem Einstiegsfeld.

4. Wéi vill Busarrëte verfügen iwwert Fuerpläng, déi och fir Persounen mat visueller Beanträchtegungen accessibel sinn (zum Beispill, wou de Plang ze héieren oder a Braille-Schrëft affichéiert ass)?

De visuellen Inhalt vum Haltestellenaushang gouf 2012 an Zesummenaarbecht mam Grupp MEGA - Groupe d'Experts Multidisciplinaire en Accessibilité ofgestëmmt.

Op Haltestelle mat Informatiounsbildschirmer op deenen d'Arrivée vum nächste Bus an Echtzäit affichéiert gëtt, misst vu Fall zu Fall gepréift ginn, op eng Funktioun zur Bedarfsansage (Text-to-Speech) nogerëscht ka ginn.

Am Kontext vun den dynameschen Informatiounen op den Haltestellen kennt ëmmer méi oft d'E-Paper-Technologie zum Asaz. Duerch den Kontrastverhältnis an déi héich Opléisung sinn dës och a schwéiere Belichtungsbedéngungen méi einfach ze liesen. Eng akustesche Ukënnegung fir Persounen mat visueller Beanträchtegung kéint och integréiert ginn.

5. Wéi vill Busarrëte stinn ënnert der Responsabilitéit vun de Gemengen a wéi vill ënnert där vum Staat?

Fir dës Informatiounen verweisen ech op de Punkt 1.